Invitatioun fir eis kennenzeléieren

SYPROLUX
Deng Gewerkschaft

De SYPROLUX: fir Dech do!

Mer schaffen all zesummen an engem Betrib, deen sech an de leschte Jore staark entwéckelt huet. Vill nei Beruffsbiller an Ausbildunge beräicheren d'CFL. Mer sinn all Eisebunner, an trotzdeem huet all Beruffskategorie seng eege Problematiken, Iddien, Suergen, Froen oder Ureegungen.

Mat der Aféierung vun der Bachelor-Karriär, enger laangjäreger Fuerderung vum SYPROLUX, ass et eis gelongen och dës Leit an de Personalstatut vum Eisebunner opzehuelen. Domadder ass et an den Ae vum SYPROLUX awer net gedoen.

De SYPROLUX huet en oppent Ouer fir all Eisebunnerin an Eisebunner. Aus deem Grond, ass et eis als Gewerkschaft en Uleies och de Kolleeginnen a Kolleegen, déi haut am sou genannte "cadre hors statut" u sech keng spezifesch Personalvertriedung genéissen, eng Stäip an Ënnerstëtzung an hirem Beruffsalldag ze sinn.

Als SYPROLUX si mer der Meenung, dass en Agent mat enger "formation universitaire", déi him Accès an d'Karriär vum Universitaire erméiglecht, och an den integrale Genoss vum CFL-Personalstatut komme soll, duerch d'Aglidderung vun der Karriär an de Statut, genau esou ewéi dëst an der Fonction Publique de Fall ass.

Mer, als SYPROLUX, wëllen Dech kenneléieren!

- Du hues Froen zu denger Karriär?
- Du hues Iddien, Ureegungen zu denger Karriär?
- Du hues Loscht eppes ze beweegen?
- Da komm bei eis laanscht a mer schwätzen driwwer!

Mer ginn all Interesséierte Rendez-Vous:

Mëttwochs, de 16. September 2020 ëm 16.00 Auer
an der SYPROLUX-Zentral

(20A rue de Strasbourg L-2560 Luxembourg,
mer leien an engem Bannenhaff,
Parkplaze sinn disponibel)

Mer si frou Dech kennen ze begréissen.

Paul Gries	Mylène Bianchy	Steve Watgen
FCPT-Président	SYPROLUX-Présidentin	Generalsekretär

Mylène BIANCHY
Déléguée Titulaire
621 352 059, mylene.bianchy@syprolux.lu

Paul GRIES
Délégué Titulaire
621 266 935, paul.gries@syprolux.lu

Steve WATGEN
Délégué Titulaire
621 312 680, steve.watgen@syprolux.lu